

Barzeg, den 6. Juli 2023


Ech maachen vun mergem droit d'initiative Gebrauch
fir folgend Demande sanzeginn fir mat op den Ordre di
jaar ze setzen vum nächster Gemeengerot.

Betreff: Transparenz a Streaming vun de Gemeengerots-
sitzungen.

D'Motivation ass um annexéierten Dokument.

Tat bäscht Greiss

Nadine Schares



Bartreng, de 6. Juli 2023

Un de Schäfferot vun der Gemeng Bartreng,

Mir wëllen vun eisem droit d'initiative Gebrauch maachen a froen de Schäfferot, folgenden Punkt op den ordre du jour bäizesetzen:

Betreff: Transparenz a Streaming vun de Gemengerotssitzungen

De Gemengerot ass déi demokratesch gewielte Verriedung vun de Leit an der Gemeng. D'Gemengerotssëtzunge sinn, bis op e puer Ausnamen, ëffentlech a sollte jidderengem op einfach Manéier zugänglech sinn.

Déi meescht Leit schaffen zu den Auerzäiten vun de Gemengerotssitzungen. E groussen Deel vun de Biergerinnen a Bierger ass awer intresséiert un deem, wat geschwat an diskutéiert gëtt.

Vu datt vill aner Gemengen dës digital Optioun notzen fir hier Biergerinnen a Bierger beschtméiglech ze informéieren, wier et och am Sënn vun eiser Gemeng, op dës Wee ze goen.

Fir et méi Leit ze erméiglechen, d'Gemengerotssitzungen matzeerliewen, a fir e Maximum un Transparenz ze garantéieren, hëlt de Gemengerot d'Décsioun:

- An Zukunft e live-streaming vun den ëffentlechen Gemengerotssitzungen ze maachen ,
- dës Enregistremente no de Sitzungen online ze setzen,
- a wichteg kommunal Dokumenter (wéi z.B de Budget) online ze setzen.




Nadine Schares
CSV Bartreng



Guy Weirich
CSV Bartreng



Marc Rauchs
CSV Bartreng



Roger Miller
Déi Gréng Bartreng



Gaby Damjanovic
Déi Gréng Bartreng



Yolande Schuster
LSAP Bartreng